ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Am Artikel „*Briefkastenfirmen soll es an den Kragen gehen*", deen den 11. Februar am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt d'EU-Kommissioun plangt eng Rei Moossname géint sougenannt Bréifkëschtefirmaen ze ergräifen, déi an engem bestëmmte Land iwwert eng legal ugemellten Néierloossung verfügen, awer soss kaum bis keng Geschäftsaktivitéit do ënnerhalen. Weider heescht et, datt d'Kommissioun an hirem aktuellen Entworf eng Beweislaaschtëmkéier virgesäit. Och d'Madamm Minister gëtt mat de Wierder zitéiert, datt de Virschlag "*in der aktuellen Fassung über das Ziel hinausschießt*". Zu Lëtzebuerg kéinte bis zu 45.000 Firmae vun där geplangter Neiregelung betraff sinn.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister dës Faiten bestätegen? Wa jo, wéi reagéiert si dorop?
2) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi si d'Gefor bewäert, datt d'Firmaen am Fall vun esou enger Neiregelung aus der EU a Richtung vun der Finanzplaz London ofwanderen? Gesäit si an deem Sënn och d'Gefor, datt Firmaen, déi sech an Europa wëllen néierloossen, hire Sëtz vun Ufank un éischter a Groussbritannien wéi an engem EU-Memberstaat, notamment zu Lëtzebuerg etabléieren?
3) Kann d'Madamm Minister de potenziellen Impakt vun dëser Moossnam op de Staatsbudget chiffréieren?
4) Kann d'Madamm Minister matdeelen, op wéi eng Manéier si hei d'Lëtzebuerger Interessen ze verdeedege gedenkt a besonnesch, op si sech géint déi rechtstaatlech problematesch Beweislaaschtëmkéier wäert wieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten